vum Kommodo-Inkommodo-Gesetz net noutwendeg ass. Ech mengen, dass et och esou verstane war an ech hunn et och esou verstanen. Ech sinn duerfir frou, dass mir dat hei de Mëtten esou schnell konnten iwwert d'Bühn bréngen.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5445 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Thiel), Marc Spautz (par M. Patrick Santer), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Jos Scheuer);

MM. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Niki Bettendorf (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Camille Gira), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Projet fir haut de Mëtteg, dem Projet de loi 5459 iwwert d'Gestioun vun den Offäll. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Calmes, den Här Gira an den Här Mehlen - all déi Orateuren, déi schonn de ganze Mëtte bei all deene Projeten ageschriwwe waren.

Fir d'éischt huet elo den attitréierte Rapporteur vun de Mëtteg, den Här Roger Negri, d'Wuert.

8. 5459 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, de Projet de loi 5459 iwwert d'Preventioun an d'Gestioun vum Offall steet am Zesummenhang mat dem zweete Volet vun der Aarhus-Konventioun.

Dëse Volet betrëfft d'Participatioun wéi gesot vum Public bei der Ausaarbechtung vu bestëmmte Pläng a Programmer am Ëmweltberäich op Basis vun der Direktiv 2003/35/CE. Déi EU-Direktiv fuerdert d'Aféierung vun einfache Prozeduren, déi et de Bierger erméiglechen u wichtegen Décisiounen, déi d'Ëmweltpoltik betreffen, deelzehuelen. Wann deemno Pläng oder Programmer am Ëmweltberäich ausgeschafft ginn, mussen d'Bierger vun Ufank u mat agebonne ginn. Dat heescht, dass d'Informatiounen un de Public musse virleien, a wéi engem Zäitraum déi respektiv Pläng oder Programmer fäerdeg gestallt ginn, wéi d'Prozedure sinn a wat fir eng Verwaltungen domadder befaasst sinn.

Et muss kloergestallt sinn, wat fir eng Optiounen et gëtt a wat fir eng Argumenter fir a géint déi eng oder déi aner Variantë schwätzen. Dorauser muss sech fir de Public d'Méiglechkeet dann erginn, eege Virschléi ze maachen, déi an enger ugemessener Form berücksichtegt musse ginn.

Dës EU-Direktiv 2003/35/CE betrëfft eng ganz Rei vun Direktiven. Véier vun dësen Direktive betreffen den Offall, geféierleche Sondermüll, Batterien an Akkuen, Verpakungen a Verpakungsoffall. Fir d'EU-Direktiv 2003/35/CE an Nationalrecht ëmzesetzen, musse mir ënner anerem dat modifizéiert Gesetz vum 17. Juni 1994 iwwert d'Preventioun an d'Gestioun vun Décheten änneren. Mir mussen den Artikel 5 vun dësem Gesetz upassen, deen den nationale Plang an déi sektoriell Pläng fir d'Gestioun vum Offall betrëfft. Hei muss d'Participatioun vun de Bierger beim Ausschaffe vun dësem Plang mat ageschriwwe ginn.

Ech resüméieren elo kuerz, wéi déi Prozedur an Zukunft soll ausgesinn no dem neien Artikel, dee jo den Objet vun dësem Projet de loi 5459 haut ass. Just éischt ee Saz iwwert de Contenant: De Projet de loi 5459 gouf den 9. Oktober 2003 an der Chamber deponéiert. Nom Avis vum Statsrot vum 7. Mee 2005 sinn ech de 27. September als Rapporteur designéiert ginn an hunn och dëse Rapport den 20. Oktober an der Ëmweltkommissioun presentéiert, an dee Rapport ass och deeselwechten Dag adoptéiert ginn.

Zum Contenu vum Projet de loi 5459: Et ass esou, dass de Minister vun der Ëmweltverwaltung an enker Kollaboratioun mat anere Verwaltungen: de Gemengen, de Gemengesyndikater an anere Concernéierten, e Projet fir ee generelle Gestiounsplang fir den Offall ausschaffe léisst. Dëse generelle Gestiounsplang kann eng Rei vu sektorielle Pläng enthalen, déi ënnerschiddlech Zorte vun Offall betreffen. Den Entworf fir dee generelle Gestiounsplang muss da veröffentlecht gi via Internet, awer och iwwert d'Publikatioun vun Extraiten a mindestens véier Lëtzebuerger Dageszeitungen. Vun deem Moment u kann de kompletten Dossier während zwee Méint vun allen Interesséierten agesi ginn.

D'Bierger hunn an deenen zwee Méint d'Méiglechkeet Umierkungen a Virschléi ze maachen. Dës Virschléi mussen an enger ugemiessener Form berücksichtegt ginn. De generelle Gestiounsplang an déi sektoriell Pläng musse mindestens all fënnef Joer eng Kéier iwwerschafft ginn.

Wann et wichteg Ëmännerunge gëtt, wéi zum Beispill am Beräich vum technologesche Fortschrëtt, déi eng nei Form vu Gestioun méi sënnvoll maachen, mussen déi Pläng direkt adaptéiert ginn. Wann de generelle Gestiounsplang an déi sektoriell Pläng deemno iwwerschafft ginn, mussen d'Bierger do nach erëm bedeelegt ginn, an zwar no därselwechter Prozedur, wéi ech se scho beschriwwen hunn. Dat modifizéiert Gesetz gesäit ausserdeem vir, dass all nei Gestiounspläng och erëm via Internet a mat Hëllef vun anere Medië veröffentlecht ginn.

Wéi scho bei deenen zwee viregte Projete sinn ech der Meenung, dass de Gesetzesprojet, dee mer hei virleien hunn, net nëmmen dofir suergt, dass mer eis den internationalen Normen, virun allem an Europa upassen, mä virun allem och dofir suergt, dass d'Bierger fir den Ëmweltschutz sensibiliséiert ginn.

Op länger Siicht wäert et méiglech sinn, méi eng performant Ëmweltpolitik ze maachen duerch dës nei an transparent Approche am Ëmweltberäich. Heimat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Negri. Den éischte Riedner ass den honorabelen Här Oberweis.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, wéi de Rapporteur, de Roger Negri, elo grad erkläert huet, geet et an dësem Projet ëm d'Ofännerung vum Artikel 5 vun dem Gesetz vun 1994 iwwert d'Preventioun an d'Gestioun vum Offall.

Sou wéi et och aus dem schrëftleche Rapport ervirgeet, berout dës Modifikatioun op der Transpositioun vun der europäescher Direktiv, déi elo grad genannt ginn ass, enger vun dräi EU-Direktiven, déi d'Obligatioune vun der Aarhus-Konventioun aus dem Joer 1998 ëmsetze sollen, enger Konventioun, déi net nëmmen d'EU ënnerschriwwen huet, mä och Lëtzebuerg, an déi mir de leschte Juli, nämlech den 13. Juli, hei an der Chamber ugeholl hunn.

Duerch d'Aarhus-Konventioun an déi jeeweileg europäesch Direktive si mir verflicht d'Bierger ze encouragéieren, sech ze engagéieren, wann nei Pläng a Programmen ausgeschafft ginn, déi d'Ëmwelt betreffen. D'Bierger musse vu vireran informéiert ginn an d'Méiglechkeet och kréien, aktiv an d'Entscheedungsprozesser mat eranzeklammen.

Dëse Gesetzesprojet ass ee vun deenen éischten, wou de Prinzip vun der Participatioun vun de Bierger bei der Ausaarbechtung vu Pläng a Programmen am Beräich vun der Ëmwelt, also deen zweete Volet vun der Aarhus-Konventioun, ëmgesat gëtt.

Beim Projet de loi kréien déi interesséiert Leit net nëmmen d'Méiglechkeet, sech un der Elaboratioun vum generelle Plang iwwert d'Gestioun vun den Décheten ze bedeelegen, si kënnen och un der Ausschaffung vun de verschiddene sektorielle Pläng participéieren, déi am Kader vum generelle Plang erstallt ginn, wéi de Rapporteur elo grad erkläert huet.

Dofir gëtt den Artikel 5 op verschiddene Punkten deementspriechend ëmgeännert, esou dass déi interesséiert Bierger mat Zäit informéiert ginn an d'Méiglechkeet kréie sech aktiv um Entstehungsprozess ze bedeelegen.

Dat heescht ganz einfach, de Bierger gëtt - dat ass hei nei - ex ante via d'geschriwwe Press informéiert, wann een neie Projet am Beräich vun der Gestion des déchets virläit. Iwwert de Wee vun den neie Medië kann de Projet dann och consultéiert an debattéiert ginn. No der Publikatioun kann d'Öffentlechkeet sech aktiv un der weiderer Gestaltung an Ausleeung vun dëse Projete bedeelegen, andeems all Interesséierte seng Bemierkungen a Suggestiounen direkt un de Ministère ka viruginn. Dës Bemierkungen a Suggestioune sollen dann och an der Ausschaffung vun definitive Pläng hiren Nidderschlag fannen.

Dës Virgehensweis ass ganz de Géigendeel vun haut, wou oft de Bierger eréischt am Nohinein, also ex post, zougelooss gëtt, wann de Gros vun den Entscheedunge schonns geholl gouf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, während den Diskussiounen iwwert den EU-Verfassungsvertrag ass opgefall, dass d'Leit der Politik ganz dacks reprochéiert hunn, d'Entscheedunge géifen ëmmer hannert hirem Réck geholl ginn an dass hir Meenung eréischt da gefrot géif ginn, wann d'Décisioune schonns laang getraff wieren. Dofir fuerdere si eng méi grouss Transparenz a Participatioun bei wichtegen Entscheedungen.

Ech mengen, dëse Projet de loi hei ass een éischte Schratt fir eng méi participativ Demokratie. Duerch dëse Projet de loi kréien d'Leit dobaussen d'Chance, sech aktiv un der Ëmweltpolitik ze bedeelegen. Loosse mer hoffen, dass se dës Méiglechkeeten och elo benotzen an och ze notze wëssen. An dësem Sënn ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soe Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Oberweis. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Calmes.

M. Emile Calmes *(DP).*- Här President, alles wat gesot ginn ass, ass richteg gewiescht bis elo. Och ech wollt dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport a selbstverständlech den Accord zu engem Gesetz bréngen, wat och vun der

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

viregter Regierung schonn déposéiert gi war.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Merci dem Rapporteur fir all seng Rapporte vun de Mëtten an den Accord vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet.

M. le Président.- Här Gira, Merci. Den Här Mehlen!

Une voix.- Très bien.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Excellent!

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, ech maachen et och kuerz.

Et ass zu Recht drop higewise ginn, datt et hei net nëmmen ëm d'Informatioun, mä och schonn e Schratt méi wäit geet, nämlech ëm d'Participatioun vun de Leit un deene Pläng. Dat ass gutt, dat ass begréissenswäert; an ech wollt just ee Wuert zur Situatioun soe wéi mer se de Moment am Offallberäich hunn.

Si ass net zefridde stellend. Ech menge mir däerfen eis net domat offannen, datt de Moment nach esou vill Wäertstoffer einfach deponéiert ginn. Vläicht kënnt eng Generatioun hannendrun, déi nees alles eraushëlt a probéiert et deelweis erëm ze verwäerten.

Ech hu viru kuerzem héieren oder gelies, datt an Däitschland d'Bestriewungen zum Beispill drop erauslafe fir den Offall zu 100% ze verwäerten, fir einfach guer näischt méi verluer goen ze loossen. Et gëtt nei Techniken, nei Procédéen, déi vun Instituter entwéckelt gi sinn, déi net allze vill Aarbechtsopwand bedéngen an trotzdeem et méiglech maachen, praktesch alles ze recycléiere wat et doranner gëtt.

Als een, deen dem landwirtschaftleche Beräich relativ no steet, kann ech och nëmme bedaueren, datt mer de Moment nach ëmmer e groussen Deel vun eisen organeschen Offäll einfach deponéieren, obschonn datt dat eng Matière ass, déi eng gewëss Valeur huet a virun allem och eng gewëss energetesch Valeur huet. Ech hoffen, datt mer esou séier wéi méiglech Procédéë fannen, datt mer déi Saachen do alleguer kënnen erëm verwäerten.

Dat gesot, fannen ech, datt dat hei e gudde Projet ass, well e wahrscheinlech duerch säi Contenu dozou bäidréit, datt mer op deem Wee do e bësse méi séier virukommen. Duerfir wäerte mer en och stëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Da kënnt nach d'Regierung un d'Rei, den Här Minister Lux.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement*.- Merci, Här President. Ech mengen, dass dëst Instrument zu engem gudde Moment kënnt, wou mer déi éischt Consultatioune lancéiere fir d'Revisioun vum Offallwirtschaftsplang vum Joer 2000. Ech mengen, dat gëtt dann d'Geleeënheet déi Participatioun wierklech esou breet wéi méiglech ze maachen. Dofir wëllt ech der Kommissioun a virun allem dem Président-rapporteur e grousse Merci soe fir dee gudden Nomëtte fir d'Ëmwelt, dee mer an der Chamber haut haten.

Merci.

M. le Président.- Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, domat ass d'Debatt definitiv ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5459.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5459 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Marcel Oberweis), Marc Spautz (par M. Patrick Santer), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Niki Bettendorf (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Als leschte Punkt op eiser Dagesuerdnung hu mer d'Naturalisatioune stoen. Dofir muss ech de Huis clos ausspriechen.

9. Demandes en naturalisation

De Huis clos ass ausgesprach.

(Le huis clos est prononcé à 16.47 heures et levé à 16.51 heures.)

De Huis clos ass opgehuewen an déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 35 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Eng Demande gouf am zweete Vote constitutionnel ugeholl.

Esou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat dräi Ännerunge vum Numm oder Virnumm averstanen erkläert.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 26 octobre 2005

1. AFLALO Albert, né le 18 septembre 1963 à Fès (Maroc), demeurant à Bereldange

2. AFLALO Marie-Laure, née le 22 octobre 1966 à Fès (Maroc), demeurant à Bereldange

3. AFLALO David Patrick, né le 9 octobre 1959 à Fès (Maroc), demeurant à Bereldange

4. ALVES TEIXEIRA Artur Joaquím, né le 17 mai 1982 à Vale de Bouro/Celorico de Basto (Portugal), demeurant à Niederfeulen

5. AMLUMYONG Yurananth, né le 19 décembre 1981 à Bangkok (Thaïlande), demeurant à Lintgen

6. BOUFASSA Azouaou, né le 25 novembre 1946 à Igoufaf (Algérie), demeurant à Frisange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de BOUFASSA Michel.

7. CAETANO SANTANA Colette, née le 22 mai 1971 à Ettelbruck, demeurant à Bourglinster

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de SANTANA Colette.

8. DA MOURA CORREIA Antonio, né le 7 mars 1970 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Differdange

9. SILVA CABRAL Nazarina, née le 12 novembre 1976 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Differdange

10. DOS SANTOS RODRIGUES LOBO Paulo Jorge, né le 16 juillet 1964 à Alhos Vedros/Moita (Portugal), demeurant à Differdange

11. GOMES GARCIA Filomena Maria, née le 19 février 1955 à Arganil (Portugal), demeurant à Schifflange

12. GUERRERO Dinorah Mercedes, née le 30 avril 1961 à Santo Domingo (République Dominicaine), demeurant à Hautcharage

13. KHOSHABA ZEYA William, né le 25 juin 1964 à Mossoul (Iraq), demeurant à Mersch

14. ABLAHAD MATTI Bayan, née le 23 février 1971 à Bagdad (Iraq), demeurant à Mersch

La personne préqualifiée est autorisée à porter les noms et prénom de ABLAHAD MATTI Bettina.

15. LATIĆ Daut, né le 4 juillet 1955 à Lagatore/Yvangrad (Yougoslavie), demeurant à Esch-sur-Alzette

16. LI Tim, né le 13 août 1966 à Hong Kong (Chine), demeurant à Esch-sur-Alzette

17. TANG Fung Ho, née le 21 juillet 1968 à Hong Kong (Chine), demeurant à Esch-sur-Alzette

18. LOSHAJ Behare, née le 5 avril 1975 à Decan (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Dudelange

19. MUHOVIĆ Sanela, née le 27 décembre 1973 à Yvangrad (Yougoslavie), demeurant à Dudelange

20. OLOMANI Mugni, né le 24 juillet 1970 à Debar (Macédoine), demeurant à Ettelbruck

21. ON Bich Ngoc, née le 4 juin 1933 à Cholon (Vietnam), demeurant à Luxembourg

22. RAATH Wayne, né le 16 juin 1970 à Johannesburg (Afrique du Sud), demeurant à Luxembourg

23. REXHEPI Mehmed, né le 1er janvier 1973 à Uroševac (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Luxembourg

24. SABANOVIĆ Haris, né le 12 mars 1974 à Sarajevo (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Vianden

25. SOMO SHAMANA Haroun, né le 20 juin 1976 à Zakho (Iraq), demeurant à Mersch

26. STANDER Caval Renée, née le 28 janvier 1963 à Cape Town (Afrique du Sud), demeurant à Kopstal

27. SULANJAKU Agron, né le 27 septembre 1953 à Elbasan (Albanie), demeurant à Differdange

28. PIKU Liri, née le 1er mars 1954 à Elbasan (Albanie), demeurant à Differdange

29. SULANJAKU Mikel, né le 5 décembre 1978 à Elbasan (Albanie), demeurant à Differdange

30. SULANJAKU Oltjon, né le 14 mai 1977 à Elbasan (Albanie), demeurant à Differdange

31. TOTO Fatmir, né le 8 mars 1954 à Tirana (Albanie), demeurant à Howald

32. WALKIERS Renée Marie Germaine Rachel, née le 11 mai 1949 à Eupen (Belgique), demeurant à Heisdorf

33. WANG Dongfa, né le 16 janvier 1969 à Zhejiang (Chine), demeurant à Rumelange

34. WUN Chun Kwok, né le 14 janvier 1965 à Hong Kong (Chine), demeurant à Weiswampach

35. GONG Yanling, née le 6 février 1969 à Chang Sha City/Hunan (Chine), demeurant à Weiswampach

Demande en naturalisation adoptée en second vote constitutionnel par la Chambre des Députés le 26 octobre 2005

POZEGIĆ Fatima, née le 2 avril 1970 à Rainci Donji (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Schifflange

Mir sinn elo um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir de 15., 16. a 17. November. Den Ordre du jour gëtt lech schréftlech matgedeelt.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.52 heures)

Sommaire des séances publiques

Communications page 28

Retrait du rôle des affaires de la Chambre pages 28-29

Ordre du jou page 29, page 31, page 38

Heure de questions au Gouvernement

- Question N° 51 du 25 octobre 2005 de Monsieur Claude Meisch relative à la Foire d'Automne dans les Halls de Luxexpo - Luxembourg/Kirchberg, adressée au Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur pages 29-30

- Question N° 52 du 25 octobre 2005 de Monsieur Jacques-Yves Henckes relative à la reconduction des demandeurs d'asile, adressée au Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration page 30

- Question N° 53 du 25 octobre 2005 de Monsieur Niki Bettendorf relative à la réglementation en matière de médecine complémentaire ou non conventionnelle, adressée au Ministre de la Santé page 30

- Question N° 54 du 25 octobre 2005 de Monsieur Robert Mehlen relative à la lutte contre la consommation d'alcool des jeunes, adressée au Ministre de la Santé page 30

5442 - Projet de loi portant approbation du Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Protocoles annexés au Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Annexes I et II et de l'Acte final, signés à Rome, le 29 octobre 2004 - Second vote constitutionnel pages 31-38, pages 38-39

Ordre du jour page 40

5424 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de dialogue politique et de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la Communauté andine et ses pays membres (Bolivie, Colombie, Équateur, Pérou et Venezuela), d'autre part, signé à Rome, le 15 décembre 2003

5425 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de dialogue politique et de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et les Républiques du Costa Rica, d'El Salvador, du Guatemala, du Honduras, du Nicaragua et du Panama, d'autre part, signé à Rome, le 15 décembre 2003 pages 40-41, pages 41-42

Dépôt d'une motion page 41

5044 - Projet de loi concernant la production et la commercialisation des matériels forestiers de reproduction pages 42-43

5217 - Projet de loi concernant l'accès du public à l'information en matière d'environnement pages 43-47

5445 - Projet de loi portant approbation du Protocole sur les registres des rejets et transferts de polluants, signé à Kiev, le 21 mai 2003 pages 47-48

5459 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets pages 48-49

Demandes en naturalisation page 49

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg